



## Naturschoul Lasauvage - Newsletter Februar 2017

### 1. Transfair-Frühstück

Vum **27.02.2017 - 31.03.2017** wollte mer iech an der Naturschoul en "Transfair-Frühstück" ubidden.

Nieft engem gudden Maufel mat Transfair a Bioprodukter wolte mer mat klengen Aktivitéiten a Spiller op den Transfair opmierksam maachen an och biologesch Produkter uschwätzen.

Dës Aktivitéit ass virgesinn fir d'Klassen vum Cycle 3;2 - Cycle 4

Dir kënnt iech ab elo hefir umellen. *Dës Aktivitéit ass nei a steet nach net an eisem Katalog um Internetsite.*

[nature.lasauvage@ecole.lu](mailto:nature.lasauvage@ecole.lu) oder [naturschoul@icloud.com](mailto:naturschoul@icloud.com)



### 2. Nuetswanderung fir Séjournsklassen zu Lasauvage

#### **Nachtwanderung**



All de Klassen dei e Séjour am Hébergement zu Lasauvage maachen wollte mer eng "Nuetswanderung" an de Bësch ubidden.

D'Wanderung kënnt owes géint 21:00 starten a géing ongeféier 2 Stonnen daueren.

Mir ginn mat Täscheluten op eise "Sentier de la Crosnière" a probéieren Nuetsandréck dobaussen ze sammelen.

Mir huelen och eis "Bat-Detektoren" mat a sichen no Fliedermais.

Klassen dei un esou enger Aktivitéit interesséiert wieren kënnen eis dat gäre matdeelen wa se hiere Séjour plangen.

